



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Direction de la Défense

**Gemeinsam Äntwert vu dem Verdedegungsminister an dem Minister fir
d'Fonction publique op déi dringend parlamentaresch Fro n° 5411 vum 20.
Dezember 2021 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen**

Virbemierkung:

D'Lëtzebuurger Arméi muss kuerzfristeg ënner verschiddearten, schwierigen Ëmstänn asazfäeg sinn, sief dat national bei Naturkatastrophen oder wéi aktuell en Appui vun der Santé an dem HCPN bei der Gestiou vun der COVID-Kris, oder bei internationale Missiounen an Exercicen.

Dobäi ass d'Sécherheet, y compris um sanitären Niveau, souwuel vum Personal vun der Arméi wéi vun der Bevëlkerung déi héchste Prioritéit. Um Niveau vun der Participatioun un internationale Missiounen an Exercicen, ass d'Impfung meeschtens eng Konditioun fir a verschidde Länner a Regiounen ze goen.

Aus deene Grënn gouf d'Impfung géint COVID-19 de 25. Oktober 2021 zu den Opnamebedingunge fir an de Fräiwëllegendéngscht an an d'militäresch Karriäre vun der Arméi bäigefügt.

Des Weidere gouf d'Impfflicht, wéi d'Gesetz iwwert d'Disziplin an der Force publique et virgesäit, och fir d'Personal vun de militäresch Karriären dat en operationelle Poste besetzt a fir d'fräiwëlleg Zaldoten, déi Member vun enger „Unité de disponibilité opérationnelle“ sinn, agefouert.

Dës Mesure betreffen net dat zivilt Personal vun der Arméi.

D'Armée vun eisen Nopeschlänner hunn änlech, voire méi streng Mesurë fir hiert militärescht Personal ergraff.

Zur Fro 1:

Ech confirméieren dass d'Kandidate fir Zaldot oder Militaire de carrière ze ginn ab dem 1. Januar 2022 nëmmen ugeholl ginn, wann se ee vollstännegen Impfzyklus géint COVID-19 virweise kënnen.

Zur Fro 2:

Nee, just d'Zaldoten déi vun deem Datum un an d'Arméi incorporéiert ginn an Zaldoten déi aktuell scho Member vun enger « Unité de disponibilité opérationnelle » sinn, musse komplett geimpft sinn.

Zur Fro 3:

D' « Loi modifiée du 16 avril 1979 ayant pour objet la discipline dans la Force publique » ass d'legal Basis fir dës Entscheedung.

Zu de Froe 4 a 6:

E Kandidat deen um Dag vu sengem Anzéien säin Impfzyklus géint COVID-19 nach net ofgeschloss huet oder dee „genesen“ awer net geimpft ass, wäert viraussiichtlech net vum Militärdokter als medezinesch *apte* fir de Militärdéngscht befonnt ginn. D'Kandidate sinn awer scho während der Musterung vum Militärdokter informéiert ginn, respektiv goufen an hirem Opnamebréif nach eng Kéier op d'Impfflicht higewisen, sou dass se an alle Fäll bis zum Datum vum Anzéien den 3. Januar 2022 déi néideg Zäit haten sech komplett impfen ze loossen.

Zur Fro 5:

Et ass aktuell net geplangt dës Moosnam bei anere Ministèren anzeféieren.

Lëtzebuerg, den 23. Dezember 2021

(s.) François Bausch
Verdeedegungsminister